



**Äntfert vum Här Henri Kox, Minister fir bannenzeg Sécherheet an vum Här Georges Engel, Sportsminister op d'parlamentaresch Fro n° 6364 vum 16. Juni 2021 vun den honorabelen Députéierten Sven Clement an Marc Goergen**

**Ad 1) an Ad 2)**

Et muss ënnerscheed ginn ob et sech ëm d'Sécherheet bannen am Stadion oder ausserhalb dem Stadion handelt.

D'Konzept fir d'Sécherheet ausserhalb dem Stade de Luxembourg ze garantéieren gëtt op eng Analyse vun der Police baséiert. Ee Fussballmatch gëtt entweder als "Risk-Match" oder "No-Risk Match" vun der Police aklasséiert, baséiert op den Informatiounen déi d'Police am Virfeld huet. Et gëtt dann en adequate Sécherheitsdispositif ronderëm de Stadion en Place gesat.

D'Police ass net zoustänneg fir d'Sécherheitskonzept bannen am Stadion.

Esou ewéi daat och am "Reglement d'ordre Intérieur" vum Stade de Luxembourg festgehalen ass, ënnerleien d'Responsabilitéit vun der Sécherheet, déi intern Organisatioun an de gudde Verlaf am Stadion dem Organisateur.

Lëtzebuerg, den 15. Juli 2022

Den Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX